



Fernand ETGEN
President vun der
Deputéierte Chamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 07/08/2020

Här President,

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech
lech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister an d'Ministere fir
Aussenugeleeënheeten an Europa & Verdeedegung weiderzeleeden.**

De 6ten August gouf zu Lëtzebuerg eng Commemoratiounsfeier gehalen, fir un deem Dag ze gedenken, un deem viru 75 Joer d'USA zwou Atombommen op déi japanesch Stied Nagasaki an Hiroshima geworf hunn. Honnerttausende Mënsche ware bei dësem Ugrëff a sengen Nofollege gestuerwen.

Obwuel d'Mënschheet sech den desastréise Konsequenze bewosst ass, déi den Asaz vun Atombomme beinhalten, sou besëtzen hautzedaags nach ëmmer eng Rei Länner Atomwaffen. Viru Jorzéngten gouf dofir den Atomwaffesperrvertrag opgestallt, deem och Lëtzebuerg mat ënnerzeechent huet.

Des Weideren existéiert awer och de sougenannten Atomwaffeverbuetsvertrag (ICAN), deem ee komplett Verbuet vun Atomwaffe virgesäit:

"It prohibits nations from developing, testing, producing, manufacturing, transferring, possessing, stockpiling, using or threatening to use nuclear weapons, or allowing nuclear weapons to be stationed on their territory. It also prohibits them from assisting, encouraging or inducing anyone to engage in any of these activities." (Source: https://www.icanw.org/the_treaty)

Ma dësen Traité huet eist Land bis ewell net ënnerschriwwen, obwuel de Wëllen an der Zivilgesellschaft wéi och um politeschen Niveau do ass.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Fro stellen:

1. Wäert d'Regierung den ICAN-Vertrag an dëser Legislatur ënnerschreiwen? Falls jo, bis wéini? Falls nee, firwat net?



www.piraten.lu

Mat déiwem Respekt,

A handwritten signature in black ink, consisting of a stylized 'M' followed by a horizontal line and a small dot.

GOERGEN Marc
Député



www.piraten.lu